Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Wirtschaft weiderzeleeden.

De Registre des bénéficiaires effectifs (RBE) gouf am Joer 2019 duerch dat entspriechend Gesetz agefouert. Dëse Register erlaabt et de Verwaltungen an der Zivilgesellschaft, fir ze kontrolléieren, wien als Privatpersoun als leschten Notznéisser vun enger Firma profitéiert. Grad bei groussen Holdingen, déi aus honnerte vun Ënnerfirme bestinn, ass et aus Transparenzgrënn wichteg nozevollzéien, wien um Enn vun der Lieder d'Fiedem an der Hand huet. Esou kënnen, z.B. Interessekonflikter opgedeckt ginn oder Persounen, déi internationale Sanktiounen ausgesat sinn, méi liicht identifizéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Firwat existéiert am RBE keen Historique, deen et erlaabt, fir nozevollzéien, wéini de Bénéficiaire effectif vun enger Organisatioun gewiesselt huet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten